N°981
Entrée le 10.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.07.2024
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2024

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro iwwert **d'Vereedegung vun neie Policebeamt*innen** un den **Här Innenminister** weiderzeleeden.

Am Abrëll dëses Joers goufen 170 Policebeamt*innen nei vereedegt, nodeems se hir Ausbildung erfollegräich ofgeschloss hunn. Dës Beamt*inne kompenséieren net nëmmen eng Partie Pensionéierungen, mee féieren zu enger Netto-Augmentatioun vun 90 Beamt*inne bei der Police.

Fir den Impakt vun dësem zousätzleche Personal op d'ëffentlech Sécherheet ze verstoen, erlaben ech mer follgend Froen un den Här Minister ze stellen:

1. **Wat fir Kommissariater, Unitéiten oder Servicer vun der Police hu vun dëser Verstäerkung profitéiert?**
2. **Wéi ass déi genee Opdeelung an Zuelen?**

Mat déiwem Respekt,

**Meris SEHOVIC**
Deputéierten